

# LËTZEBUERGER LINGUISTIK A LITERATUR

MOTIVATIOUNSSCHREIWES

BACHELOR EN CULTURES EUROPÉENNES / UNIVERSITY OF LUXEMBOURG

PHOTO © Ariane Henry, University of Luxembourg

## Motivatiounsschreiwes

D'Motivatiounsschreiwes ass e Schlësselstéck vun Ärer Kandidatur, well et Iech dozou invitéiert, fir net nëmmen Är Ziler ze presentéieren, mee och Äre Parcours an Är Erwaardungen. Et ass d'Méiglechkeet, fir Ären Interessi fir d'Lëtzebuerger Linguistik a Literatur duerzestellen, fir iwwer Är Beweeggrënn, fir un eiser Formatioun deelzehuelen nozedenken, an och fir Äre Projet fir déi dräi Joer Bachelor ze formaliséieren. Är Reflexioune wäerten et eis méiglech maachen, Är Motivatioun an Intressi fir eis Filière z'appreciéieren, an och fir sécherzestellen, datt eis Offer och Äre Virstellungen an Erwaardungen entsprécht.

## Ärt Motivatiounsschreiwes muss déi folgend Punkten kloer an däitlech unschwätzen:

### 1. Är Motivatioun fir Iech an d`Filière vun der Lëtzebuerger Linguistik a Literatur vum Bachelor en Cultures Européennes anzeschreiwen (350-400 Wierder)

*Dësen Deel vum Schreiwes ass dee wichtegsten, well en Är Beweeggrënn opféiert, déi Iech dozou motivéiert hunn, fir Är Kandidatur fir d'Filière vun der Lëtzebuerger Linguistik a Literatur ze stellen.*

Wat sinn d'Grënn, perséinlech an/oder schoulesch, wéinst deenen Dir wëllt e Studium en der Lëtzebuerger Linguistik a Literatur maachen ? Hei kënnt Dir zum Beispill Äre Parcours beschreiwen, e Wierk dat oder en Auteur deen Iech besonnesch markéiert huet rezipéieren, oder awer Aspekter vun der Lëtzebuerger Sprooch oder Kultur beschreiwen, déi Iech besonnesch interesséieren.

### 2. Erwaardungen an Ziler (250-300 Wierder)

Dësen Abschnitt invitéiert Iech, fir Är Erwaardunge par rapport zu dëser Formatioun ze presentéieren. Opgepasst – hei geet et net drëms fir Är berufflech Pläng auszeféieren.

Wat erwaart Dir Iech, wann Dir Deel vun eiser Filière gitt? Dir kënnt hei Äre perséinlechen Intressi fir d'lëtzebuergesch Kultur, Sprooch oder Literatur presentéieren. Wat sinn zum Beispill Usätz, déi Iech interesséieren (Analys vun Texter, linguistesch Analysen, Literatur- a Sproochgeschicht asw). Zéckt net fir op ee Cours vun eiser Formatioun anzegoen, fir ze weisen, wat genee Iech interesséiert:

## 3. Bachelor en Cultures Européenes : Interdisziplinarität a Méisprochegkeet (150-200 Wierder)

Weist an Ärem Bréif, wéi d'Coursen aus de Cultures Européennes sech an Äre Bildungsprojet integréieren.

De BCE ass eng interdisziplinär a méisproocheg Formatioun, an der Dir en Drëttel vun Äre Coursen (60 ECTS / 180) aus der Offer vun de Cultures Européennes beleet. Hei kënnt Dir Virliesungen an/oder Seminären aus der Philosophie, der Geschicht der englescher, franséischer däitscher, italienescher oder portugisescher Linguistik a Literatur entdecken; an dat mat Hëllef vu Coursen, déi Iech entweeder op Däitsch, Franséisch an/oder Englesch ugebuede ginn.

Kuckt wgl. an de Global Course Catalogue, fir d'Coursen ze gesinn, déi an de Cultures Européennes ugebuede ginn (opgepasst: aus technesche Grënn sinn d'Beschreiwunge vun de Coursen nach net disponibel)

## Presentatioun vun Ärem Motivatiounsschreiwes

Sollten d'Consignë fir d'Verfaasse vum Dokument net respektéiert ginn, gëtt d'Dokument net consideréiert.

- Denkt drun, uewe lénks Äre Virnumm an Numm, souwéi Är Identifikatiounsnummer, déi Dir vun der Universitéit Lëtzebuerg bei der Online-Aschreiwung kritt hutt, hinzeschreiwen.
- D' Motivatiounsschreiwes ass op Lëtzebuergesch formuléiert;
- D' Motivatiounsschreiwes zielt tëscht 750 bis 900 Wierder;

Den Ausdrock muss korrekt a passend sinn.

## Remark iwwer Textproduktioune mat enger Kënschtlecher Intelligenz (KI, AI)

Et ass wichteg, dass am Motivatiounsschreiwes Är eegen Argumentatiounen an Iddie stinn. Op dës Manéier hutt Dir d'Méiglechkeet, Är individuell Erwaardungen an Ziler fir de Studiegang am Detail ze beschreiwen.

Wann Dir Iech vun engem automateschen Chatbot hëllefe loosst, da musst Dir dat an enger Foussnott als Quell uginn (wéinst der Propriété intellectuelle). Sidd Iech wgl. bewosst, dass esou een Chatbot just sproochlech Elementer imitéiert an domat Äntwerte produzéiert, déi zwar fir vill Leit ganz "akzeptabel" kléngen, mee weeder authentesch nach individuell formuléiert sinn.

Denkt also wgl. drun: De Motivatiounsbréif ass dofir geduecht, dass een erkenne kann, ob de Bachelor en Cultures Européennes dat Richtegt fir Iech ass!

## Kontakt:

Bei Réckfroe kennt Dir: bce.office@uni.lu kontaktéieren